Lex Delles – Minister fir Mëttelstand, Minister fir Tourimus

Fête du Raisin et du Vin Grevenmacher 2019

D'Feierlechkeeten ënnert dem Zeeche vum Wäin an de Riewe fänken all Joer mat der Kréinung vun der Wäikinnigin un, begleet vum traditionelle Cortège duerch Stroosse vu Gréiwemaacher. D'Drauwen- a Wäifest ass en Evenement dat sech vill Visiteuren aus Lëtzebuerg an der Groussregioun net entgoe loossen.

Dëst speziellt Fest invitéiert jiddereen, fir d'Riewen, d'Wäiner a Crémant'en ze feieren, déi bei de Miseler a generell hei am Land een héije Stellewäert hunn. Et ass och déi ideal Geleeënheet fir eis Wäibaukultur méi bekannt ze maachen a fir d'Potenzial vum Oenotourismus an der Regioun ze weisen. D'Schéinheet vun de Wéngerte laanscht Musel, esou wéi d'Qualitéit vun de Produite vun eise Wënzer droen zum Charme vun der ganzer Regioun bäi.

Ech felicitéieren den Organisateure vum Drauwen- a Wäifest, der Gemeng Gréiwemaacher, wéi och all deenen anere lokalen Acteuren, déi sech all Joers vill Zäit huele fir dës Manifestatioun ze organiséieren.

Ech wënschen hinnen all vill Succès bei der 70. Editioun vum Drauwen- a Wäifest an de Visiteure vill Freed bei dësem traditionelle Rendez-vous.

Lex Delles

Minister fir Mëttelstand
Minister fir Tourimus